Ried Houffelt 6.10.2024

Här Buergermeeschter, Här Paschtouer mat de Massendénger, Léif Vertrieder vun de Veräiner, Gesank, Pompjee, Jugend vun Helzen, an Houffelt, Enrôles de force, Léif Musiker vun der Wëntger Musek, Vertrieder vun de Resistenzorganisatiounen,
Léif Familljen a Frënn, Kanner a Kandskanner vun der Verschleeften,
Léif Leit alleguerten.

Wéi d'Traditioun et wëllt treffe mir ons och dëst Joer de Sonnde virun der Journée de la commémoratioun zu Houffelt fir Blumme beim Monument fir déi Verschleefte vun Helzen an Houffelt néierzeleeën. Dëst Joer huet mäi Papp, de Fränz Theis, deen des Feier säit Joren organiséiert, gefrot hien ze ersetzen a mir e puer Gedanken zu dëser Feier ze maachen. Hie gëtt domadder och a gewësser Weis d'Fackel vum Gedenke weider. Hie war selwer schonn en témoin de la deuxième génération, wéi een dat haut oft nennt. Also een deen de Krich selwer net erlieft huet an och kee vun de Verschleefte méi kannt huet. Fir mech perséinlech ass déi schrecklech Geschicht nach vill méi laang hier. Am Januar ginn et 80 Joer a mat all Joer dat vergeet, kann een sech d'Fro stelle firwat mir dann iwwerhaapt nach op dat wat dëse Steen ons seet sollen agoen ?

« Passant souviens-toi »
Wourënner soll ech mech erënneren, ech hu jo keng eegen Erënnerung un dat wat geschitt ass. Vu mengem Urgrousspapp, deem säin Numm hei steet, kennen ech just eng eenzeg Foto an dat wat mir an de Joren esou erzielt gouf.

Wéi dëse Gedenksteen ageweit ginn ass, war dat fir d'Leit déi hei stoungen eppes ganz aneschters. Fir si war dat hei net just e Gedenksteen e Monument. Mais et war souzesoen de Grafsteen vun engem léiwe Familljemember. Si hate jo soss keng Plaz wou si konnten em hir Leit traueren. Fir si war et e Monument am éischte Sënn vum Wuert. D'Wuert Monument kënnt vum laténgesche Wuert « monere » « Erënneren ».

Si hunn **sech** hei nach wierklech **erënnert,** un eng léif Persoun aus der Famill déi hinnen op brutaalst Manéier geholl ginn ass.

Mir par contre **ginn** haut **un eppes erënnert**. Dat laténgescht Wuert « monere » huet nämlech och nach eng zweet Bedeitung, « mahnen » am Sënn vu warnen. Fir ons ass dat hei haut keen Ersatz fir e Grafstee méi, och kee Monument am Sënn vun enger Erënnerungsstütz wéi de Luther d'Wuert gebraucht, mee e « Mahnmal ». Eng Warnung, en Opruff !

Eigentlech géing ech dofir den Text um Steen gären ergänzen : « Passant – Souviens-toi, d'élever ta voix contre toute injustice ! ». Erhief deng Stëmm géint all Ongerechtegkeet. Well och haut si mir erëm op engem Punkt ukomm, wou Verschiddenes an onser Gesellschaft an eng falsch Richtung leeft. Och deemools virun iwwer 80 Joer huet et net mat Krich an Ermordung ugefaang, mais mat Wierder. Wann mer haut erëm Discoursen héieren déi vun anere Mënschen op eng entwürdegend Aart a Weis schwätzen, well déi anescht ausgesinn, anescht schwätzen, anescht gleewen oder anescht gären hunn, da solle mer un dëse Steen hei denken. Ween anerer mat Wierder erofsetzt, seng Dignitéit ugräift, deen ass och iergendwann bereet senge Wierder Doten nokommen ze loossen.

Denkt drun an deene Momenter de Mond opzemaachen an eppes ze soen. « Passant – Souviens-toi, d'élever ta voix »

Wann haut am Numm vun enger falscher Meenungsfräiheet oder Neutralitéit, Leit de Mond solle verbuede kréien, wa Journaliste mat Geriichtsprozesser ënner Drock gesat ginn, well se d'Wourecht schreiwen oder soen, wann an der Schoul gesellschaftlech Sujeten net méi

sollen ugeschwat ginn, well se iergend engem net an de Krom passen. Da si mer net méi wäit vun enger Gesellschaft déi Bicher verbitt oder verbrennt.

Wann haut Parteien an onse Parlamenter vertruede sinn déi d'Nazi-Verbrieche relativéieren, dann ass et héich Zäit de Mond opzemaachen. En haitegen Deputéierten huet um Internet geschriwwen dat Zitat « *„d'Nazien […] d'Letzebuerger winnstens net erhongern geloos [hunn]“ an dat „Net all Land huet die Eier kritt als deitschen Gau am eiwegen deitschen Reich derbei ze sinn als Volldeutsche!”* Esou Leit musse mir vehement widderspriechen an si matbréngen op Plaze wéi déi heiten. Mir mussen de Mond opmaachen an un d'Geschicht erënneren. Mir musse Plaze wéi déi hei ënnerhalen, mir musse mat onse Jonken op Plaze wéi déi hei, Hinzert a Natzweiler fueren an si immun maache géint esou falsch Messagen.

Dem vëlkeschen, nationalisteschen an identitären Discours, deen d'Leit an « mir » an « déi aner » wëllt opsplécken, musse mir ëmmer an iwwerall widderspriechen, wa mir ons fräiheetlech Gesellschaft, baséiert op géigensäitegem Respekt an Toleranz wëllen erhalen. Wann mir bereet sinn dat e Staat engem aneren seng Rechter a Fräiheeten aschränkt, well et jo anerer sinn, da lafe mir selwer d'Gefor genau déi Fräiheeten a Rechter och eng Kéier ze verléieren.

De Friddensnobelpräisdréier Desmond Tutu sot « Ween a Momenter vun Ongerechtegkeet näischt seet a neutral bleift, dee stellt sech op d'Säit vum Ënnerdrécker ».

Dofir : « Passant- Souviens-toi, d'élever ta voix contre toute injustice. »

Genee dat si mir deenen 9 Leit, déi hei op der Plack stinn, an och hire Famillje schëlleg. Si sinn net einfach passiv a neutral bliwwen, si hunn sech gewiert, resistéiert. A leider e ganz héiche Präis dofir bezuelt.
Wa mir alleguerten d'Stëmm net erhiewe fir géint Haass an Intoleranz virzegoen, da kënne mir dëse Steen och grad esou gutt ofriichten. Mais dofir si mir net hei. Ons Blumme beim Denkmal, bei dësem « Mahnmal », sollen onst Verspriechen duerstelle fir ons weider fir eng oppen, inklusiv a gerecht Gesellschaft anzesetzen. Mat dem Asaz, dem Verspriechen éiere mir de Sacrifice vun den 9 Verschleefte méi wéi mat all Sonnerie a Blummegerbe. Mi halen dofir un dëser schéiner Traditioun an Zeremonie fest, well si ass gläichzäiteg eng Erënnerung an en Opruff.
Passant – Souviens-toi, d'honorer leur mémoire en élevant ta voix contre toute injustice.
Merci.

Christian THEIS
Ried virum Denkmal vun de Verschleeften de 6/10/2024

Hagen ; tel 26 10 88 79